

07.11.2020

---

*Prise de position - APEP*

---

Nodeems de Schoulsport no 6 Méint seng Dieren an de Lëtzebuerger Schoulen de 15.09. nees konnt opmaachen, war d'Begeeschterung bei de Kanner a Jugendlechen (an och bei villen Elteren) natierlech enorm grouss.

Vereenzelt ass awer och Skepsis opkomm, ob Sport a Bewegung an de Schoulen de sanitären Ufuerderungen, déi déi aktuell Pandemie mat sech bréngt, och kéinte gerecht ginn. An dat verschäerft d'Ambivalenz téschent de Risiken an de Chance fir d'Gesondheet, där de Sport, als eenzegt Bewegungsfach an der Schoul, ënnerläit.

Als Associatioun vun de Sportsproffe (APEP) ware mir op där enger Säit frou, dass eise Ministère de tutelle keng extrem restriktiv Mesurë fir de Schoulsport virginn huet. Op där anerer Säit hu mer eis awer och responsabel gefillt, fir um Terrain ze kucke wéi een an der aktueller Situatioun de Schoulsport kéint organiséieren an de Kanner a Jugendlechen e maximale Schutz kéint bidden. Dofir huet d'Programmkommissioun, zesumme mat der APEP, e sanitäert Konzept ausgeschafft, dat als Orientéierung fir e séchere Schoulsport dénge soll.

Et dierft jidderengem aliichten, dass eng Aktivitéit wéi bspw. e Fitnesstraining an enger grousser Hal mat där néideger Distanz téscht de Sportler duerchaus verrietbar ass, déi selwecht Aktivitéit an enger klenger Salle "Annexe" mat deelweis schlechter Duerchlëftung, wéi se a ville Schoulen existéieren, awer net akzeptabel wier.

Déi Virgaben déi de Ministère fir d'Rentrée 20/21 erausginn huet, hunn et erlaabt, dass all Schoul hire Schoulsport no hire Bedingunge konnt esou upassen, fir e Maximum u Bewegung ze erméiglechen, ouni dobäi d'Sécherheet vun de Schüler op d'Spill ze setzen. Hei sinn an all Lycée engersäits organisatoresch Moosnamen (Restriktiounen an de Vestiairen, Mondschutz bis an d'Hal oder an d'Schwämm, Wäschen an Desinfiziere vun den Hänn a vum Material,...) geholl gi fir dëst ze garantéieren. Anerersäits sinn d'Inhalter vum Schoulsport gepréift a situatiounsbedéngt adaptéiert ginn.

Wéi och an anere Beräicher am Schoulliewe waren do verschidde Schoule méi streng wéi et déi allgemenggëltege Reegele virgesinn hunn, sou dass de Schoulsport deelweis och méi strenge Reegelen ënnerzu gouf wéi de Veräinssport.

Vill Schoulen hunn an den éischte Schoulwochen hir Mesuren op Grond vun der rasanter Entwécklung bei den Infektiounszuelen verschäerft an dëst gëllt souwuel fir déi allgemeng Verhalensmesuren an der Schoul, wéi och fir d'Organisatioun an d'Inhalter vum Schoulsport.

Mir begréissen, dass déi politesch Responsabel déi néideg Flexibilitéit bei de Virgabe vu COVID-Mesuren am Schoulsport zougelooos hunn an domadder eng differenzéiert

---

Ëmsetzung um Terrain méiglech war. Déi ergraffe Mesuren hu sech den Experten no als effikass erweisen, wat sech och mat eisen Echoen aus de Lycéeën deckt. Wann an de kommende Wochen duerch déi nei COVID-Mesuren d'Miniméiere vun de Kontakter zur grousser Prämiss wäert ginn, sou tangéiert dat de Schoulsport sécher manner wéi de Veräinssport, well ee primär am Groupe-Classe bleift, a sou wäerten och hei Upassunge méiglech si fir e weidere responsabelen Ëmgang mat der aktueller Situatioun.

Mir sinn iwwerzeegt datt all d'Acteuren am Schoulsport prett si fir verantwortlech ze reagieren, wann d'Situatioun sech ännert. De Schoulsport ass a bleift een Deel vun der Léisung an dierf net op en Neits gestrach ginn. Nëmme Kanner a Jugendlecher déi sech beweegen, kënne fit a gesond sinn a bleiwen.